

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister, den Här Finanzminister an den Här Kooperationsminister weiderzeleeden.

De 5. Oktober 2020 huet d'Regierung e Communiqué zur Ouverture vum éischten europäesche Sëtz vun der "Alliance for Financial Inclusion" (AFI) an der Stad Lëtzebuerg verëffentlecht. Souwuel den Här Finanzminister wéi och den Här Kooperationsminister hunn zesumme mam Direkter vun der CSSF un der entsprecherender Feier deelgeholl. Den Här Finanzminister gëtt an deem uewe genannte Communiqué follgendermoossen zitéiert: "*In an increasingly connected world, only the constant exchange between regulators from different markets will allow us to effectively build a more sustainable and innovative finance that is accessible to all*". Den Här Kooperationsminister gëtt ënnert anerem mat folgender Wieder zitéiert: "*Cooperation means the exchange of knowledge, expertise and best practices. In that sense, engaging with the broader regulation community is crucial to promote true responsible and sustainable inclusive finance [...] In that sense, we look forward to an even closer relationship with AFI and its members over the years to come*". Am Artikel "*Allianz fir finanziell Inclusioun*" deen den nämmelechten Dag op RTL publizéiert gouf, heescht et ausserdeem, datt d'Regierung der AFI iwwer dräi Joer insgesamt 500.000 Euro an eng Lokalitéit am "House of Microfinance" zur Verfügung stellt.

D'AFI selwer féiert op hirem Spawecksitt ëffentlech Institutiounen aus 88 Länner (Stand vum 23. Abrëll 2021) als Memberen op, dorënner vill Zentralbanken a Finanzopsichtsadministratiounen. Nieft enger Rei Institutiounen aus klenger Staate ginn och d' "People's Bank of China" souwéi d' "China Banking Regulatory Commission" als "principal members" an d' "Central Bank of the Russian Federation" als associate member genannt.

An deem Zesammenhang géif ech deenen dräi Ministere gär des Froe stellen:

- 1) Sinn elo scho Lëtzebuerger ëffentlech oder privat Institutiounen Member an der AFI? Wa jo, wéi eng sinn dat? Wann nee, strieft d'Regierung eng Lëtzebuerger Memberschaft an der AFI un?
- 2) Verfüügt d'Regierung iwwer eng formell Verriedung an der AFI? Wa jo, wéi engem Ministère an/oder Administratioun gehéieren dës Verrieder un?
- 3) Wéi gëtt déi Participatioun vu 500.000 Euro vu staatlecher Säit justifiéiert an ënnert wéi enger Form a vu wéi engem Budgetartikel fléissen déi Gelder? Wéi en Zweck hu se? Gëtt d'Verwendung vun dese Suen auditéiert?
- 4) Iwwert wéi eng Institutiounen respektiv Plattformen gëtt dee vum Här Finanzminister an dem Här Kooperationsminister thematiséierten Austausch vun *Know how* virgehollt?

- 5) Gëtt et en Austausch tëschent der AFI an dem "House for Sustainable Governance and Markets" (HSGM), respektiv der AFI an aneren Institutiounen vun der Uni.lu?
- 6) Wéi e Rôle spillt d'AFI am Kader vun der Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik?
- 7) Et läit an der Natur vun der Saach, datt grouss Staaten an internationalen Organisatiounen iwwer méi Méiglechkeete verfügen, fir hir Interessen duerchzesetzen, wéi kleng Staaten. Wéi beurteelt d'Regierung den Afloss speziell z.B. vu China bannent der AFI?
- 8) Hu scho Persounen déi internationale Sanktiounen ënnerleien gefrot fir op Lëtzebuerg ze kommen, fir mat der AFI Kontakt ze hunn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten